N° 4070
Reçue le 14.05.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 14 mai 2021

**Réf. :** 838x4a0f1

**Concerne:** Question parlementaire n° 4070 du 13 avril 2021 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 4070 du 13 avril 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant les "Personnes intersexes".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Pour la Ministre de la Santé,**

**Anne CALTEUX**
**Premier Conseiller de Gouvernement**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4070 du 13 avril 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant les "Personnes intersexes".**

Virop sief bemierkt dass d' Regierung net de Sujet vum biologeschen Geschlecht mat der sexueller Orientéierung oder der perséinlecher Geschlechtsidentitéit vermëscht. D' Äntwert op d' parlementaresch Fro 3810 sollt just kloerstellen dass am Fall vun der Covid-19 Infektioun d' biologescht Geschlecht, an notamment d'hormonell Impregnatioun effektiv determinant ass fir de Verlaf vun der Krankheet, och wann aner Fakteuren wéi d'Stigmatisatioun an Diskriminatioun fir verschidden Gesondheetsinegalitéiten wéi z.B. den Accès aux soins ka verantwortlech sinn. D' Regierung ass sech der Komplexitéit vun der Thematik vun de transgender an intergeschlechtleche Persoune wuel bewosst, an huet dowéinst och 2018 schonns am „Plan d'action national pour la protection des droits des personnes LGBTI" beschloss, deen ënnert der Responsabilitéit vum Familjenministère leeft, an en Rei Aktioune och am Beräich vun der Gesondheet virgesäit.

Et ass kloer dass et méi Geschlechter gëtt an dass z.B. intersexuell Persounen sech net ëmmer kloer zu enger Kategorie „Mann" oder „Fra" zou uerdenen loossen.

Rezent Études hu gewisen dass Geschlechtshormoner direkten Afloss hunn op eng Rei Fakteuren déi bäi der Covid-Erkrankung wichteg sinn, z.B. d'Expressioun op den Zellen vum ACE2 Rezeptor, deen "d'Porte d'entrée" vum SARS-CoV-2 Virus an den Longen ass, op verschidden entzündungshemmend Effekter, op d'Aktivitéit vun den Immunzellen an d'Produktioun vun Antikierper, souwéi d'Regénératioun vun den Longenzellen déi duerch de Virus beschiedegt goufen. Déi sougenannten weiblech Hormoner (Östrogen, Progesterone) schéngen do positiv Effekter ze hunn, wat dozou féiert dass generell de Krankheetsverlaf bei de Fraen manner schlëmm ass.

Bäi intergeschlechtlechen Persounen, ass jee no Fall, d' Quantitéit vun männlechen oder weiblechen Geschlechtshormoner verschidden, et gëtt do net eng eenzeg Situatioun mee eng ganz Vilfalt vun individuellen Situatiounen. Bei transsexuellen Persounen, kënnt dobäi dass verschidden Hormontraitementer geholl kënnen ginn, déi domat een Afloss op d'Krankheet kënnen hunn. Ähnlech Situatiounen vun Benotzung vun Hormontraitementer gëtt et iwweregens och a verschiddenen Krankheeten, z.B. bei Kriibs (Prostatakriibs bäim Mann, oder Broschtkriibs bei der Fra).

Et ass sécher interessant, a ganz wichteg, dës Effekter a wëssenschaftlechen Studien z'analyséieren fir d' Konsequenzen op den Covid-19 Krankheetsverlaf ze verstoen. Dëst geet awer iwwert déi immédiat Missiounen vun enger Gesondheetsdirektioun eraus, a kann just am Kader vun wëssenschaftlechen Studien gemaach ginn. D'Gesondheetsdirektioun huet weder d' Ressourcen, nach d' Kompetenz, nach d' Informatiounen fir esou Analysen ze maachen am Kader vun der Kontroll vun der Pandémie, an dem deeglechen Contact Tracing. Falls e wëssenschaftlecht Institut zu Lëtzebuerg esou Études wéilt maachen, oder un internationalen Études wéilt partizipéieren, géif dat natierlech viraussetzen dass déi legal Obligatiounen am Kontext vun der klinescher Recherche (z.B. Avis vum Comité national d'éthique à la recherche, an Autorisatioun duerch de Minister) agehalen missten ginn.